ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 07/04/2026

# Rapport 2/26 vun der Sportskommissioun

Reunioun vum 16.03.2026 um 18:30 am Veräinsbau zu Téinten

## Presenzen

| Member | Present | Entschëllegt | Net entschëllegt |
|---|---|---|---|
| Arendt Benoît | X | | |
| Conrad Frank | X | | |
| Everad Thierry | | X | |
| Kieffer Aloyse | X | | |
| Lesch-Fanck Laure | X | | |
| Lucas Patrick | X | | |
| Mathias Heike | | X | |
| Majerus Yara | | X | |
| Meyer Louis | X | | |
| Reding Sam | | X | |
| Reuter Pierre | X | | |

## Punkt 1: Dagesuerdnung

Op der Dagesuerdnung stoungen follgend Punkten:

- Nuit du Sport an Sportleréierung (Datumer festleeën, Iwwerbléck etc...)
- Iwwerbléck iwwert déi aktuell Schnuppercoursen (Zumba, Tauchen, Laftreff)
- Divers

## Punkt 2: Rapport vun der leschter Reunioun

De Rapport vun der leschter Reunioun gëtt unanime vun de Memberen ugeholl.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 07/04/2026

## Punkt 3: Schnuppercours Zumba

D'Sportskommissioun bitt de Leit aus der Gemeng iwwert d'Wanterméint ee Schnuppercours am **Zumba** un mat der Madame Martins.

Leider sinn awer just 4 Terminer virgesinn:

- 22.01, 26.02, 26.03 an den 23.04
- Auerzäit: 19:00 bis 20:30
- Centre Culturel et Sportif Lëtschert zu Béiwen

Déi 2 éischt Termin haten enorme Succès mat jeeweils enger Bedeelegung vun iwwer 20 Leit!

An der Reunioun gouf ugeschwat, dat de Lëtschert punkto Museksanlag (just Aux-Agang a keen Bluetooth) nët optimal ass. Dëst soll bei engem eventuell nächsten änleche Cours consideréiert ginn respektive am Viraus preparéiert (eegen Musikbox matbréngen) ginn. Ze hoffe bleift, dat déi 2 nächst Coursen änleche Succès hunn.

PS: Madame Martins huet entre-temps gefrot fir de Cours bis zu der Summervakanz verlängeren ze kënnen. Per Ofstëmmung iwwert Whatsapp ass festgehal ginn, dat d'Sportskommissioun domat averstan wär

## Punkt 4: Schnuppercours am Tauchen

D'Sportscommissiouun bidd ee Schnuppercours am **Tauchen** un an Zesummenaarbecht mam Stater Tauchclub SACL.lu.

Hei emol de Planning:

- Donneschdes 16.04. - Initiatioun PMT (Palmes, Masque, Tuba)
  Encadrement 2 Moniteuren
  Rendez-vous 19h45 an der Entrée vun der Bouneweger Schwämm
  Explikatiounen zum Club, Umoossen vum Material PMT
  Waasser vun 20h30 - 21h30
- Méindes 20.04. - 2. Séance PMT Encadrement 2 Moniteuren
  Rendez-vous 20h00 an der Entrée vun der Bouneweger Schwämm
  Waasser vun 20h30 - 21h30
- Donneschdes 23.04. oder Méindes 27.04. - Baptême (jeeweils just 4 Persounen)
  Encadrement 4 Moniteuren
  Rendez-vous 19h45 an der Entrée vun der Bouneweger Schwämm
  Umoossen vum Kostüm, Preparatioun vum Material
  **Baptême** vun ca 40 Minutten
- Konditioun fir matzemaachen ass dat een schwamme kann!
- Wëll d'Platze begrenzt sinn, muss een sech natierlech umellen iwwert sport@helperknapp.lu an déi éischt si vir!
- Reklamm ass just op d'sozial Medien vun der Gemeng gemaach ginn. Et ginn och just Leit aus der Gemeng zougelooss.

Helperknapp, 07/04/2026

Gekläert ass mëttlerweil, dat d'Leit eng **Eegebedeelegung** vun 50€ bezuelen an d'Gemeng 50€ pro Persoun bäileet.

Leider sinn bis elo just 2 Umeldungen erakomm. De Cours géif trotzdem stattfannen. Ze hoffen ass, dat Umeldungen nokommen, wann nach eng Reklamm an de Buet kënnt (Woch vum 13.04)

## Punkt 5: Suite vum Schnuppercours "Functional Training" mam Leandro

**Rappel**: Dësen Schnuppercours, deen den 18. September 2025 gestart ginn ass hat risegem Succès. Dofir huet de Leandro decidéiert op eegen Initiative dëse Cours weiderhin unzebidden.

D'Auerzäiten bleiwen déi selwecht d.h. Donneschdes vun 19 bis 20 Auer am Multisall vun der Sportshal Campus Helperknapp. Leit déi interesséiert sinn mussen sech direkt mam Leandro a Verbindung setzen.

## Punkt 6: Laftreff Helperknapp

Dëse Laftreff trainéiert nach ëmmer fläisseg weider an zwar:

- Sonndes um 9:00 um Ditzebierg
- Mëttwochs um 18:00 um Ditzebierg oder no Ofsprooch op der Velospiste op der Rippweiler-Barrière

Als leschte Highlight stoung den **Relais pour la Vie** um Programm an zwar den 21 an 22 Mäerz an der Coque. Hei waren 24 Leeferinnen a Leefer ënnert dem Numm "Laftreff Helperknapp" ugemellt an hunn et och gepackt fir ofwiesselnd 24 Stonnen fir de gudden Zweck ze lafen.

De Pierre huet och geplangt fir Mëtt Abrëll een **neien Ufängergrupp "Vun 0 op 5 km"** ze starten. Interessenten kënnen sech ënnert sport@helperknapp.lu umellen.

Start ass entretemps festgeluecht ginn op den **Sonnden 19. Abrëll** um 9:00.

## Punkt 7: Weider Schnuppercouren 2026/2027

D'Kommissioun huet nach e puer aner Iddien gesammelt fir weider Schnuppercoursen:

- **Special Olympics** (Everad Thierry): fënnt dobausse statt, méi opwendeg Organisatioun. Dës muss méi laang am Viraus geplangt ginn.
- **Billard** an der Raimlechkeeten vum Veräin an der Koll:
  Grupp vum +/- 20 Leit maximal; Alter ab 12 Joer
  De **Fränk** mengt, dat esou ee Schnuppercours ouni Weideres bei Bedarf an relative séier organiséiert kéint ginn.
- **Mountainbike** mat engem lokalen MTB-Club: De **Benoît** huet mëttlerweil ee Member vum Bididu gefrot. Dat schéngt awer näischt ze ginn. De Benoit/Frank freet och nach bei aneren Veräiner wéi Trailhunters vun Miersch, VC Attertdall an Velosclub Gusty Bausch. Dat wär dann emol eng gutt Iddi fir d'Summerméint.

Helperknapp, 07/04/2026

- Eventuell nach eng Kéier **Badminton**
- **Pickleball an Paddel,** 2 Sportaarten déi staark am komme sinn.

## Punkt 8: Jogging a Wanderweeër an der Gemeng

Am Kader vun der Diskussioun iwwert den Fitness Parcours an Outdoor Gym, ass d'Iddi opkomm fir Jogging an Wanderweeër an der Gemeng an iergend enger Form (digital oder physesch sur Place) ze markéieren. Déi Iddi gouf an de leschten Reunioun weider entwéckelt.

- **Markéierung a physescher Form**, dat heescht mat der néideger Beschëlderung sur Place. Hei kéint een sech och virstellen, dat eventuell ee Parking amenagéiert muss ginn oder dat nei Weeër erschafe musse ginn, fir besteeënd Weeër kënnen ze verbannen.
  Den Aly hat zu dem Sujet Kontakt mam Fierschter, dem Här Besenius. Et ass kloer, dat hien konkret an illustréiert Propose brauch, déi dann op hir Machbarkeet gepréift kënne ginn.
- **Markéierung an digitaler Form**: Hei war d'Iddi, dat mer verschidde Weeër an der Gemeng digital géingen enregistréieren mat enger App ewéi "Letztrail" oder "Komoot". Iwwert deen entspriechenden Link, an de soziale Medien an am Buet, kënne d'Leit an der Gemeng déi Touren dann no trëppelen oder nolafen. Denkbar wär awer och, dat Leit aus der Gemeng hiren "Lieblingstour" op dëse Wee géife virstellen. Ziel soll sinn, dat d'Leit motivéiert ginn zu Fouss eis schéi Gemeng ze entdecken.
  Gekläert soll och nach ginn, ob d'Sportskommissioun dee Projet aleng ugeet oder an Zesummenaarbecht mat aneren Kommissiounen.

Kloer ass, dat béid Iddien weider developpéiert musse ginn.

## Punkt 9: Nuit du Sport an Sportleréierung

D'Nuit du Sport fënnt dëst Joer den 6. Juni statt. Si gëtt verbonn mat der Eierung vun de Sportler aus der Gemeng.

Hei ee Resumé vun den Haaptpunkten:

- 2 bis 4 Leit aus der Sportskommissioun sinn deen Dag disponibel fir ze hëllefen.
- Wëll den Benoît an de Louis deen Dag net disponibel sinn, géif de Frank de Part selwer vun der Éierung iwwerhuelen.
- Opruff fir Kandidaturen fir Sportifs méritants duerch een "toutes boites" den 14.03.26
- Umeldefrist 13.04.26
- Versammlung Sportskommissioun 21.04.26 um 18:00
- Retour Commission des Sports fir den 24.04.26
- Woch 04.05.26 Invitatiounen ginn eraus
- Cadeau laut Propositioun Gemeng: Mir sinn eis als Sportskommissioun eens datt mer d'Trophée mat der Textoptioun 1 am Beschte géifen fannen. Weiderhin begréisse mer och d'Iddi vun de Racketten. Vun eiser Säit aus kann dat alles esou bestallt ginn.

Helperknapp, 07/04/2026

- Am Virfeld sollen déi Problemer vum leschte Joer mam Riednerpult an Mikrofon gekläert ginn.

## Punkt 10: Weider Iddien

D'Iddi koum op, dat d'Kommissioun eventuell **Initiativen** kéint ënnerstëtzen wéi z.B. eng gemeinsam Schivakanz vun Leit aus der Gemeng, eng gemeinsam Besichtegung vun engem Sportevent (Liichtathletik, Fussball, ...). Dës Iddi soll nach weider entwéckelt ginn.

## Punkt 11: Fitness Parcours an Outdoor Gym Openthalt/Fënsterdall

Dëse Punkt gouf an der Reunioun net weider beschwat, bleift awer am Bericht wëll keng ofschléissend Conclusioun gezunn gouf.

*De Schäfferot huet d'Iddi vun der Sportskommissioun begréisst, den Naturléierpad um Openthalt „upzedaten" an mat engem Fitnessparcours ze kombinéieren. Dofir hunn sech e puer Memberen vun der Kommissioun den 2. Juni am Fënsterdall getraff fir sech dee ganze Site emol sur Place unzekucken.*

*Hei e puer Fotoen vun der Platz:*

Helperknapp, 07/04/2026

*D'Sportskommissioun huet ënner anerem zu deem Thema follgendes ugeschwat:*

- *De Léierpad ass allgemeng an engem schlechten Zoustand. Et misst awer machbar sinn domat ee Fitness/Lafparcours ze kombinéieren*
- *Um Site am Fënsterdall soll deemnächst een Projet vun Tinyhäuser gestart ginn. Wéi kinnt een en Fitnessparcours an dëse Projet integréieren?*
- *De Fierschter sollt eis nach Bescheed soen wat iwwerhaapt op deem Site méiglech ass.*
- *D'Sportskommissioun géing et begréissen, dass onofhängeg vun engem Fitneesparcours, d'Schëlder vum Léierpad eng Kéier propper gemaach sollte ginn.*
- *Et gouf och diskutéiert, ob ee Fitness oder Outdoor Gym am Kär vum Duerf z.B. op der Spillplatz zu Tënten oder op deem Multisportplaatz bei der Schoul zu Tënten net méi Sënn géif maachen.*

## Punkt 12: Impuls-Event den 25.01.25

Dëse Punkt bleift nach am Rapport fir dat déi eenzel Iddien net esou séier vergiess sollte ginn.

*De COSL an Zesummenaarbecht mam IANPS an der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte hat den 25.01.25 op hiren Impuls-Event zu Lëpschent agelueden. Hei gouf ee Projet presentéiert, deen an e puer Pilot-Gemengen gestart ginn ass fir de Sport an d'Beweegung op kommunalen Niveau ze förderen. De Pierre huet d'Sportskommissioun vertrueden an eng Rei vun Iddie matbruecht:*

- *Fitness Parcours an der Néi vun enger Maison Relais deen speziell fir Kanner geduecht ass*
- *Beweegungschallenge bei der Nuit du Sport*
- *Sportbox: dat ass eng Këscht déi z.B. bei enger Spillplaz eng Rei vun Sportartikelen (Fussball, Volleyball, Racketten, Sprangseel, ...) enthält a fräi verfügbar ass*
- *Beweegung dobaussen: Tour mat QR-Coden an Zesummenaarbecht mat engem CIPA*
- *Beliichte/Beschëldert Lafweeër an der Gemeng*
- *Beweegungskaart vun der Gemeng: Hei gëtt op eng visuell uspriechend Aart a Weis déi sportlech Offer an der Gemeng op enger interaktiver Kaart duergestallt. D'Kommissioun mengt, dat dës Iddi op alle Fall verfollegt soll ginn.*
- *Sportdag fir all Alter, speziell och fir eeler Matbewunner ze motivéieren*
- *Randonnée saine op engem Sonnde moien mat Tier vun 7 bis 13km fir all Alter*

Helperknapp, 07/04/2026

- *Sportskoordinator: Hei gëtt de Gemenge proposéiert mat finanzieller Hëllef vum Staat een Sportskoordinator anzestellen, deen speziell de Sport an d'Beweegung an de Gemenge promovéiere soll. Et besteet neierdéngs ze guer d'Méiglechkeeten ee Coordinateur sportif fir e puer Gemengen anzestellen. D'Kommissioun encouragéiert d'Gemeng sech doriwwer Gedanken ze maachen well op esou eng Manéier de Sport an och d'Aarbecht vun der Kommissioun ausseruerdentlech géif profitéieren.*

**Nächst Reunioun**: Dënschdes den 21. Abrëll, 2026 um 18:00. D'Platz ass nach ze definéieren.

Pierre Reuter

Sekretär Sportskommissioun